



N°6989
Entrée le 12.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022

Här President,


esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 6417 vun den honorabelen Deputéierte Madamm Myriam Cecchetti an Nathalie Oberweis schreift den Här Logementsminister, datt vun 2023 u keng Baugeneemegunge méi fir Logementer ausgestellt ginn, déi mat Gas hëtzen. An der Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek war de 27. September 2022 souguer ze liesen, datt vum 1. Januar 2023 un iwwerhaapt keng Geneemegunge fir Heizungen op Basis vu fossille Brennstoffe ausgestellt ginn.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Logementsminister gär dës Fro stellen:

- 1) Verfügen d'Propriétaires vun engem Bestandsbau dee mat fossillen Energie gehëtzt gëtt weiderhin iwwert déi rechtlech Méiglechkeet dës Anlagen ze erneieren, wann eng Ëmstellung op aner Energieformen technesch net méiglech oder net gewënscht ass?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding
Deputéierten



**Äntwert vum Här Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°6989 vum
11. Oktober 2022 vum éierewäerten Deputéierte Roy Reding iwwer d'Méiglechkeet Heizungsanlagen,
déi mat fossiller Energie bedriwwen ginn, weiderhin ze erneieren**

Den éierewäerten Deputéierte stellt eng Fro déi am Zesammenhang mat der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 6417 vun den honorabelen Deputéierte Madamm Myriam Cecchetti an Nathalie Oberweis, wou den Här Logementsminister schreift, datt vun 2023 u keng Baugeneemegung méi fir Logementer ausgestallt ginn, déi mat Gas hëtzen. An der Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek war de 27. September 2022 souguer ze liesen, datt vum 1. Januar 2023 un iwwerhaapt keng Geneemegung fir Heizungen op Basis vu fossille Brennstoffer ausgestallt ginn.

1) Verfügen d'Proprietairë vun engem Bestandsbau dee mat fossillen Energie gehëtzt gëtt weiderhin iwwert déi rechtlech Méiglechkeet dës Anlagen ze erneieren, wann eng Ëmstellung op aner Energieformen technesch net méiglech oder net gewünscht ass?

Déi Ausso an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 6417 bezitt sech ausschliisslech op d'Ufuerderungen am Kader vun enger Ufro fir eng Baugeneemegung bei engem Neibau.

An engem Bestandsbau, dee mat enger Heizungsanlag op Basis vu fossiller Energie gehëtzt gëtt, kann opgrond vun der aktueller Reglementatioun betreffend déi energetesch Performance vun de Gebaier (Règlement grand-ducal du 9 juin 2021 concernant la performance énergétique des bâtiments), esou eng Anlag, am Fall wou se muss ersat ginn oder wou de Propriétaire se wëll ersetzen, duerch eng nei Heizungsanlag op Basis vu fossiller Energie ersat ginn.

Aus Grënn vun der Energietransitioun / Dekarboniséierung an net zulescht fir vun de fossillen Energien onofhängeg ze ginn, ass d'Ersetze vun enger fossiller Heizung duerch eng fossil Heizung net ze empfeelen.

Speziell fir eng Entscheidung an een Ëmstig op eng fossilfräi Heizungsanlag ze ënnerstëtzen, gëtt et de "Klimabonus Wunnen" Programm, mat verschiddenen Hëllef vum Staat (fir Wärmepumpelen, Pelletheizungen oder Wärmenetzer, wat déi dräi heefegst Alternative sinn) an och engem "Masuttersatzbonus" wou d'Primmen zousätzlech erhéicht ginn, wann ee vun enger fossiller Heizung op eng net fossil wiesselt.

Zousätzlech dozou (a kumulativ) ginn et nach privat Hëllef (Obligatiounsmechanismus dem d'Stroum- a Gasliwweranten ënnerleien) an, jee no Gemeng, Hëllef vu Gemengesäit, esou wéi een dat am Hëllef-Simulator vun der Klima-Agence kann nokucken (<https://aides.klima-agence.lu/>).

Lëtzebuerg, den 31. Oktober 2022
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie